N°2522
Entrée le 23.07.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Äntwert vun der Madame Yuriko Backes, Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten, op d'parlamentaresch Fro n° 2522 vum 25. Juni 2025 vum Här Deputéierte Jean-Paul Schaaf iwwert de Service Adapto.**

Den honorabelen Deputéierte gräift de Sujet vun der begrenzter Gëltegkeetsdauer vun den Adaptoskaarten op.

*1) Sinn der d'Madame Ministesch d'Problemer vun der Erneierung vun der Adapto Kaart bekannt?*

Jo.

Et ass richteg, datt d'Gültegkeet begrenzt ass. Den Oflafdatum dovunner steet souwuel op der Kaart drop, ewéi och am Courrier dee mat der Kaart verschéckt gëtt, an ass natierlech am System vun der App hannerluecht.

D'Fro vun den auslafende Kaarte gouf schonn am Kader vun der parlamentarescher Fro n°1954 traitéiert. A menger Äntwert vum 13. Mäerz 2025 hunn ech déi strukturell Hannergrënn an d'Auswierkunge vun dëser Situatioun am Kontext vun der Reform vum Adapto-Service am Joer 2020 erkläert.

Deemools gouf de System zentraliséiert an déi deemoleg Notzer*innen hunn alleguer mussen eng nei Kaart fir den Accès zum Adapto ufroen, an eng nei Evaluatioun vun den Dossiere gouf duerchgefouert, esou wéi dat och an der Äntwert vum 17. Februar 2020 op d'parlamentaresch Fro n° 1788 beschriwwe gouf[1]. Et gouf eng maximal Dauer vu 5 Joer appliziéiert, déi elo fir vill Kaarten erreecht ass. Doduerch kënnt et dëst Joer zu enger Hausse vun Demanden déi vun den zoustännege Servicer vun der Verwaltung fir ëffentlechen Transport (ATP) traitéiert ginn.

E puer Zuelen zur Illustratioun:

- Tëschent dësem Januar an dem 30. Juni sinn 1.602 Adapto-Kaarten ofgelaf,
- am Verglach: 647 Kaarte sinn am ganze Joer 2024 ofgelaf, an 854 Kaarten am Joer 2023,
- 1.020 nei Kaarte goufen zënter Ufank 2025 schonn ausgestallt.

D'Notzung vum Adapto-Service ass net just mat Rechter, mee och mat bestëmmte Flichte verbonnen. Esou gehéiert et och zur Verantwortung vun de Clienten oder hire Familljen, fir eng eventuell Verlängerung fristgerecht unzefroen. A ville Stied, wou änlech Transportservicer ewéi eisen Adpato ugebuede ginn, ass et och üblech, all Joers den Zougang dozou nei ze evaluéieren. Déi reegelméisseg Iwwerpréiwung vun den Dossieren erlaabt et der ATP, d'Datebanken à jour ze halen, a fir de richtegen Equipement vum Bus ze suergen deen op d'Bedürfnisser vun all Persoun zougeschnidden ass.

*2) Gedenkt d'Madame Ministesch e System anzeféieren, fir d'Detenteure vun enger Adapto Kaart drop opmierksam ze maachen, dass hir Kaart ofleeft?*

Well eben déi Problematik awer am Mäerz/Abrëll méi akut ginn ass, gëtt zanterdeem an de Servicer vun der ATP e manuelle Prozess appliziéiert. Déi betraffe Persoune gi säitdeem 2 Méint virum geplangten Oflafdatum vun hirer Adapto-Kaart per Courrier benoriichtegt.

Bis den 1. Juli 2025 si scho ronn 800 esou Bréiwer verschéckt ginn. Dës Moossnam soll dozou bäidroen, d'Kontinuitéit vum Service ouni Ënnerbriechung ze garantéieren.

[1] https://www.chd.lu/fr/question/18609

Zousätzlech erschwéiert gëtt leider d'Gestioun, doduerch, dass vill Donnéeën am System net méi aktuell oder onkomplett sinn (z. B. Ännerunge vun der Adress, oder Changementer vun Tuteuren, etc.). Doduerch kënnen des Bréiwer d'Zilpersounen net ëmmer zäitlech erreechen.

Fir de Prozess effizient a laangfristeg besser ze organiséieren, gouf Kontakt mam CTIE (Centre des technologies et de l'information de l'Etat) opgeholl, fir eng automatiséiert technesch Léisung en place ze setzen. Esou kéint z.B. eng digital Notifikatioun (per SMS oder E-Mail) generéiert ginn an esou systematesch, verständlech an zouverlässeg un d'Cliente kommunizéiert ginn.

*3) Gedenkt d'Madame Ministesch eng temporär Autorisatioun anzeféieren, esou laang wéi déi Betraffen op d'Erneierung vun hirer Kaart waarden?*

Eng temporär Autorisatioun gëtt generell net ugebueden, éischtens well déi net automatiséiert ka ginn an zweetens fir d'Gläichbehandlung fir all Client*e ze garantéieren.

An der Praxis gëtt awer, wann eng nei Demande schonn eragereecht gouf an nach am Evaluatiounsprozess ass, an eenzelne Fäll no enger individueller Iwwergangsléisung gesicht.

Lëtzebuerg, den 23. Juli 2025

D'Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) Yuriko Backes